# DEM GREG SÄIN
# TAGEBUCH



E
Comic-Roman


Jeff Kinney

CAPYBARA BOOKS

Donneschdeg

Tjo, haut hunn ech erausfonnt, datt déi Zort Ringen, déi den Här Urwald eis bäibrénge wëllt, KOMPLETT anescht ass wéi Wrestling um Fernseh.

Fir unzefänke musse mer emol deer Dénger undinn, déi „Einteiler" heeschen an ausgesi wéi d'Schwammboxen, déi d'Männer am 18. Joerhonnert un haten.




An zweetens däerf ee keng Bodychecke maachen a sengem Géigner och net mat engem Stull oder soss eppes op de Kapp schloen.

Et gëtt net emol e Ring mat Seeler rondrëm, mä nëmmen eng verschweest Matt, déi esou sténkt, wéi wa se nach ni gewäsch gi wär.

D'Stonn huet domat ugefaangen, datt den Här Urwald no engem Fräiwëllege gesicht huet, fir e puer Handgrëffer virzeféieren. Mä et koum net a Fro, datt grad ech mech géif mellen.

Ech an de Robi wollten eis bei der Riddo op deer anerer Säit vun der Turnhal verstoppen, awer genee do waren d'Meedercher grad amgaangen, ze üben.





Mir hunn eis séier erëm aus dem Stëbs gemaach a si bei déi aner Jongen zréckgaangen.


Natierlech huet den Här Urwald sech grad mech erausgekroopt, wahrscheinlech, well ech dee Liichtsten an der Klass sinn. Esou konnt hie mech dorëmmer geheien, ouni sech unzestrengen. Hien huet deenen anere Jonge Saache gewisen, déi esou glungen Nimm hu wéi „Schëllerworf", „Zaangegrëff" a „Beeschrauf".

Wéi hie mer e Grëff mam Numm „Pompjee“ gewisen huet, hunn ech ënnerëm eng Lëftche gespuert. Domat wousst ech, datt mäin „Einteiler“ mech dach net esou komplett bedeckt huet.

An deem Moment war ech mega frou, datt d'Meedercher op deer anerer Säit vum Turnsall waren.




Den Här Urwald huet eis a verschidde Gewiichtsklassen agedeelt. Am Ufank war ech zimlech frou doriwwer, well ech elo net hu misse géint Tippe wéi de Benny Wolz untrieden, deen 120 Kilo stemme kann.



Wéi ech dunn awer gewuer gouf, géint WIEN ech misst untrieden, hätt ech dach léiwer mam Benny Wolz ze di gehat.





De Luc war deen eenzegen, deen esou liicht war, datt en a meng Gewiichtsklass gepasst huet. A wéi et ausgesinn huet, hat hie gutt opgepasst, wéi den Här Urwald d'Grëffer erklärt hat. Hien huet mech nämlech no alle Regele vun der Konscht fäerdeggemaach. Déi ganz Turnstonn hunn ech dermat verbruecht, de Luc vu VILL méi no kennenzeléieren, wéi ech mir dat jemools gewënscht hat.



Dënschdeg

Dës Ringergeschicht huet eise Lycée komplett duercherneebruecht. Elo ringen d'Bouwen an de Couloiren, am Klassesall, einfach iwwerall! Mä an der éischter Véierelstonn vun der Paus am Haff ass et am schlëmmsten.


Et kann ee keng zwee Meter goen, ouni iwwer e puer Tippen ze trëllen, déi um Buedem matenee rolzen. Ech probéieren einfach, hinnen aus dem Wee ze goen. Well ech schwieren iech, wann dat esou weidergeet, da rullt iergendeen eng Kéier matzen an de sténkege Kéis an da geet d'Saach mam Kéisfanger erëm vu vir un.



Mäin anere grousse Problem ass, datt ech elo all Dag mam Luc ringe muss. Mä haut de Moien hat ech eng Iddi. Wann ech an eng Gewiichtsklass méi héich kommen, muss ech net méi géint de Luc untrieden.

Also hunn ech haut all meng Kleeder mat Strëmp an Hiemer an all méiglechen anere Saache vollgestoppt, fir an déi nächst Gewiichtsklass ze kommen.

Mä ech war ëmmer nach net schwéier genuch.



Dat heescht, datt ech wuel richteg méi déck misst ginn. Fir unzefänken duecht ech, ech stoppe einfach esou vill Fastfood wéi méiglech a mech eran, mä dunn hat ech nach eng vill besser Iddi.